N° 16
Entrée le 10.11.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 13.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

An der Fro n°5005 hunn ech mech driwwer informéiert op och d'Ofmelle vun der TVA-Nummer soll geschwë kënne via MyGuichet gemaach ginn. Deemools huet d'Ministesch erkläert:

> "Et ass virgesinn och am Kader vun enger Cessatioun dës TVA-Nummer iwwert eng Demarche bei myguichet.lu erëm kënnen ofzemellen. Dës Prozedur soll am Laf vum Joer 2022 operationell sinn."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass et mëttlerweil méiglech fir d'TVA-Nummer via MyGuichet ofzemellen? Wa nee, bis wéini soll et méiglech sinn a firwat ass dëse Projet a Verzuch geroden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten